Dir Dammen an Dir Hären !

De Rapport d'activités vum Syndicat ass och dëst Joer gudd gefëllt.

De Comité vum IVG ass 5 mol zesumme komm, mir ware vertrueden ewéi d'Gemeng an de Quartier komm ass wéinst dem Réaménagement vun der Beethoven/Pensisstrooss, mir ware mat dem Sportschäffen, dem Här Rippinger an den Responsable vum Sportservice um Terrain vum Hondsclub – mir waren op der Gemeng beim 1ten Schäffen, dem Här Bausch zesummen mat dem Service de la circulation – mir waren op der Gemeng ewou d'Journée des voisins virgestallt ginn ass, mir waren op der Gemeng ewou et ëm d'Spillplazen an der ganzer Gemeng gaangen ass a mir waren d'lescht Woch zu Zéisseng ewou den neien Accord de coalition vum Schäfferot virgestallt ginn ass. 2005 war jo och en Waljoer a mir waren op de Walversammlunge vun alle Parteie vertrueden an hunn eis Doléancen ofginn.

Mir waren eng Kéier am Comité préventif op der Gemeng ewou mir Explicatiounen iwwert den Hearing 2004 zu Bouneweg kritt hunn.

Mir waren an de Versammlunge vun der Union des syndicats d'intérêts locaux vun der Stadt Lëtzebuerg vertrueden. Bei dëser Geleeënheet begréissen ech häerzlech den Här Reeff, Président vun der USILL an soen him heimat villmools Merci datt hie bei eis komm ass an datt hien eis spéiderhin nach iwwert déi aktuell Situatioun an déi spéider Projetsën an der Stad erziele wärt.

Mir waren op e puer Réunionen an Virträg am « Haus vun der Natur »

Den 19. November hate mir e Kabaretsowend organiséiert mat der Habschter Théateréquipe an de 4. Dezember de Concert mat der Militärmusek. Ech soen dem Här Paschtouer Kroeger en härzleche Merci dat hien eis esou spontan d'Kiirch an den Home zur Verfügung gestallt huet. Den Erléis vun deem Concert ass integral un d'Fondatioun El Salvador gaangen an ech si frou haut den Owend den Här Goerens vun der Fondation El Savador begréissen ze kënnen, deen op dëser Plaz e puer Wierder un Iech riichte wëllt..

An ech freeë mech Iech haut soen ze kënnen datt déi 2 Manifestatiounen e volle Succès waren, an datt mir wëlles hunn 2006 erëm eppes ze organiséiere wat Iech Freed maache soll. Mir hu schon e provisoreschen Datum fir eis Soirée festgehalen, dat wär de Samsteg 18. November. Mat der Militärmusek sinn ech am gaangen ze kucke fir en Datum ze fannen, deen awer vläicht op 2007 wärt falen, wat jo fir den IVG erëm eng Erausfuerdereng get well 2007 besteet hie 75 Joer.

Ech soen Iech all esou ewéi deene Geschäftleit villmools Merci déi eis gehollef hunn eng flott Tombola ze organiséieren a wëll hei e waarmen Appell un Iech all maache fir och si ze ënnerstëtze wëll mir hunn elo nach e flotte liewege Quartier ewou alles ze fannen ass wat leider net méi esou évident ass wann een nëmme bis an d'Nopeschquartierë kucke geet.

Mat de Veräiner hu mir eis 1x getraff fir de Manifestatiounskalänner ze préparéieren – Mir hunn d'Journée commémorative organiséiert a participéiert um Chrëschtmaart zesumme mat den anere Veraïner. Mir waren bei deene Veraïner vertrueden déi eis eng Invitatioun op hir Generalversammlung geschéckt hunn.

En härzleche Merci geet och un déi Leit an Vertrieder vun de Veraïner déi eis bei verschiddene Geleeënheeten hëllefen an ewou hinne keng Méi zevill ass fir eng Hand mat unzepaken, sief et fir Infoblieder auszedroen, d'Bréidercher ze maachen oder an der Kichen oder am Service ze hëllefen.

Wat den Détail vun eise verschiddene Korrespondenzen ugeet fänken ech u mam Quartier Giorgetti :

Nodeem datt gesot ginn ass d'Aarbechte géifen am Fréijor 2005 an der Beethoven an an der Pensisstrooss ugoen, ass de Verkéirsschäffe mat de responsabelen Servicer an den Quartier komm an d'Leit hu gesot kritt wat elo do soll geschéien. Elo ass et jo esou datt déi Aarbechte jo haaptsächlech solle gemaach gina ewell och d'Poste nei Kabele leet an an engem Deel vun der Pensisstrooss dat net brauch gemaach ze ginn. Mir hunn du gefrot beim Här Buergermeeschter fir dei 2.Phase drun ze hänken an hien huet gemengt mir sollten dann emol nach eng Kéier schreiwen, dat hu mir och gemaach a kruten d'Äntwert zréck : et géif nëmmen deen een Deel gemaach ginn, dat wär jo och op der Versammlung am Quartier gesot sou nom Motto : dir hutt näischt verstan...Ech begréissen eis Gaasperecher Conseillière d'Madame Sonja Adam, si huet sech an de Servicer informéiert a géif eis dann herno déi neits Versioun erzielen, firwat datt déi Aarbechten net gemaach ginn.

Mir hunn entretemps och nach eng Kéier rappelléiert datt de Panneau signalétique, Eck Beethoven/Plantinstrooss op d'Escherstrooss soll placéiert ginn, esou ewéi mir dat schrëftlech matgedeelt kruten.

Mir hu gefrot dass an der Plantinstrooss op der Héicht vum Fitnessstudio, ewou e Foussgängersträifen ass eng besser Beliichtung soll hikommen, well wann esou vill Autoën do stinn, ass et immens geféierlech fir iwwert d'Strooss ze goen.

Mir hunn och gefrot wéi et méiglech ass datt bei de Betriiber an der z.i. an och soss am quartier, d'Gréngfläche verschwannen an a Parkplazen ëmgewandelt ginn, mir schwätze jo esou vill iwwert den IVL mä ass dat net contraire duerzou, mir wëllen jo de Verkéier vun der Strooss hunn, erméiglechen awer esou datt méi Leit mam Auto schaffe kommen an och nach eng Gratisparkplaz offréiert kréien. Par contre mussen d'Awunner vum Quartier bezuele fir hiren Auto virun der Dir ze stationnéieren an wann si de Bus huelen dann därfen se och do erëm bezuelen. Wie get dann elo hei gestrooft ?

Wat d'Circulatioun betrëfft, hate mir jo op der Gemeng reklaméiert wéinst de Camionën an Camionnetten déi an de Stroossen am Quartier stinn, dee Problem schéint jo elo geléist ze ginn, ewell d'Gemeng ass amgaangen e Règlement auszeschaffen ewou d'Statiounéiermeiglechkeete vun deene Gefirer soll festgehale ginn esou ewéi dat schon zu Bouneweg, op der Gare an am Rollengergronn ass.

Op Demande vum IVG huet d'Gemeng dee wëlle Parking um Rond-point Gluck zougemaach.

Mir hu jo an der Gluckstrooss e Foussgängersträife kritt an do hu mir gefrot fir deen nach méi ofzesécheren, sief et duerch e Panneau, eng Luucht oder en Clignoteur, mee och do kucken se nach ëmmer op der Gemeng wat sech maachen léisst.

Op eise leschte RV beim Verkéiersschäffen hu mir gesot kritt dat d'Entrée vun der Gluckstrooss elo définitif soll aménagéiert ginn an esou duerch eng optesch Verengung de Verkéier soll gebremst ginn. Mir kréien awer do nach Projetë virgeluegt.

Mir haten en Stopschëld gefrot op der Kräizung Colomb/Richard Wagnerstrooss wann een aus der Industriezone kënnt, deen ass elo no laangem hin an hir accordéiert ginn.

Mir hu gefrot fir eng direkt Buslinn an d'Stad ze kréien, dat soll emol nach nogekuckt ginn.

Dann zum Tempo 30 : mir waren op der Gemeng, kruten dee Projet virgestallt a konnten domadder liewen, wann net herno eis an der Hall omnisport en aneren Projet virgestallt gi wär wou mir guer näischt dovu wosste bis deen Ament. De Vote ass am Conseil geholl ginn, an mir hun am Transport an am Inneministär reklaméiert a gefrot dee Projet net ze approuvéieren, du si mir erëm op d'Gemeng geruff ginn an hunn hinne gesot datt mir net kënne mat d'accord sinn dass just den Tronçon Rossini vun der Déportatiounsstrooss aus roueg geluegt get, a ronderëm d'Schoul kann de ganze Verkéier lafen. Bon, mir hun du gesot datt si dës Situatioun nach eng Kéier sollen nokucken a mir géife 6 Méint nodeem de Projet leeft, nach eng Kéier à charge kommen. Dat hu mir dunn och gemaach, a well mir sou vill Réclamatiounen kritt hu vun de Leit aus deem ganzen Quartier, ewell d'Place Sauerwiss benozt get fir ofzekierzen, hu mir der d'Police geschriwwe fir datt si méi Kontrolle maachen sollen, mä et ass jo leider esou, datt all déi Problemer grad vun den Awunner an de Leit déi do schaffen gemaach ginn. Och krute mir Réclamatioune vun de Leit aus dem Millewee an der Gaasperecherstrooss datt si elo nach méi vum Verkéier belaascht ginn.

Dorops hinn hu mir e Sondage gemaach : déi giel Formulären hu mir an der Sauerwiss, an der Gaasperecherstrooss an am Millewee verdeelt, den Daniel Reding, Member am Comité an Awunner an der Sauerwiss get Iech herno méi Détailer zu dësem Sondage. Op alle Fall ware mir erëm bei déi zoustänneg Autoritéiten a si hu gesot si géife sech nach eng Kéier iwwerleeën ob nach zousätzlech Berouegungsmoossname solle geholl ginn oder d'Situatioun esou soll bleiwe ewéi se wär. Op alle Fall ginn se net dru fir **hir** 1. Idee déi mir présentéiert kruten ëmzesetzen. Mir sollen dann nach eng Kéier informéiert gi wat da géif geschéien.

Eent steet fest, déi Responsabel hu sech entschëllegt datt dat ganzt esou gelaf ass, an datt et ganz sécher net den Intresseveraïn war deen d'Situation, ewéi se elo ass gefuerdert huet, ewéi vill Leit aus dem Quartier mengen an duerfir keng Memberskaart méi wëllen huelen..................mir vun onser Säit hätte gär Rou am Quartier a virun allem Gläichberechtegung a Sécherheet fir jiddereen............ausserdeem krute mir verséchert op der Gemeng datt am Kader vum Tempo 30 a kengem Deel vun der Stad eng Strooss gespaart ass....................., mir froen eis allerdengs firwat datt d'Rossinistrooss gespaart gouf an da wann, firwat net vun der Déportationsstrooss un. Et géif jo duergoe wann de Foyer en Accès hätt an duerno wär zou......mä dat hei ass eng "affaire à suivre"........ Traureg hun mir et jidderfalls fond, dat et Leit gofen déi gemengt hun si missten photocopien machen vun eisen Formulären an gemengt hun dat et eis net gif opfaalen dat déi Kopien nët déi selwecht giel Faarw hätten..

Am Dossier vum Ban de Gasperich kann ech Iech soen datt den IVG eng Réklamatioun am Inneministär agereecht huet mat weideren 285 Réclamiounen

vun den Awunner vum Quartier. Bis elo ass do nach keng Äntwert komm, esou datt dat Reklassement nach net vum Inneminister approuvéiert ass.

Ech préciséieren nach eng Kéier dat mir jo net géint alles sinn, par contre ass et eng Fuerderung vum IVG gewiescht fir den bd. Raiffeisen auszebauen an fir eng direkt Sortie/Entrée vun der Industriezone op den bd Raiffeisen déi vun der Plantinstrooss ausgeet virzegesinn an dat fir de Quartier ze entlaaschten.

Mir wieren eis awer géint d'Verlängerung vun der Hogenbergstrooss déi am Masterplan virgesin ass, well des Emgeung 1. den Verkeer aus der Industriezone an de Quartier brengt an 2. d'Méglechkeet gif gin fir Mozart, Brian, Wagner, Stas an d'Gluckstrooss unzebannen an dann hät een de contraire erecht vun dem wat mir ëmmer versprach kréien.

Wou mir eis och vehement wieren, ass de Projet "Wohnen im Park" dee virgesinn ass laanscht Drosbech réaliséiert ze ginn, an engem potentielle Fiichtgebitt an dat wat an der Partie écrite vum Vote virgesinn ass si keng Wunnengen an deem Sënn mä temporär Wunnengen, Apparthotels an esou weider.

Mir sin och duerfir datt wann de Centre de secours gebaut soll ginn, datt hien eng direkt An- an Ausfahrt op d'Autobunn soll kréien, well da brauchen mir kee bd Cloche d'Or deen eis nëmmen de Verkéier vun Stroossen erofbréngt..........an ausserdeem musse mir jo all spueren, dann dierfte jo och duerfir keng Souen do sinn, weder bei der Regierung nach bei der Gemeng.... Iwregends hu ech mech bei der zoustänneger Verwaltung informéiert an krutt confirméiert dat den accès/sortie och esou am aktuellen Projet vum centre de secours virgesin ass.

Mir hu jo elo och gelies Ufank Februar datt d'Gemeng en Appell d'offre gemach huet fir eng Refonte an eng komplett Adaptatioun vum PAG ze maachen, da froe mir eis allerdengs firwat huet dann elo schons alles huet missen ëmklasséiert ginn......an dat ouni déi néideg geologesch an territorial Etudën esou ewéi déi iwwert den Environnement ofzewaarden..

Da bleiwt nach ze soen datt et en "Plan d'aménagement partiel concernant l'environnement naturel" get wou schon 1981 de Conseil de Gouvernement eng Décisioun geholl huet am Kader vun der "Déclaration d'intention générale" an wou am leschten Paragraph vum Artikel 4.1.4. deen sech ofget mat der Ceinture verte vun der Stad Lëtzebuerg steet : ech zitéieren " Entretemps le Gouvernement veillera à ce que les projets d'aménagement communaux tiennent compte de l'existence et du désir de maintenir de cette ceinture verte" an dobei réferéiert sech de ganzen Artikel ëmmer erëm op de Programme Directeur vum Ministère de l'Intérieur, deen eng legal a juristesch Basis huet an ewou mir an eiser Procédure drënner falen, well déi leeft nach nom alen 1937er Gesetz, well d'Masterplanën 1 oder 2 esou ewéi den IVL hu bis haut nach keng legal an juristesch Basis.............

Mir wäre jiddefalls frou wann déi zoustänneg Autoritéiten sech géifen drun erënnere wat si emol festgehalen hunn an dat schon 1981, ewou et mam Verkéier an mat dem Komméidi nach wesentlech manner schlëmm war ewéi haut. Mir hoffen och datt de Staat esou gudd ewéi d'Gemeng déi nei Strategie mat arechnen, déi elo viru kuerzem d'EU-Kommission virgeluegt huet fir den ökologeschen Herausfuerderungen z.B. schlecht Loftqualitéit, Verkéiersiwwerlaaschtung, Zersiedlung an Treibhausemissiounen entgéint ze wierken. Well et ass jo gewosst dass all déi Belaaschtungen zu Emweltschied féieren an eiser Gesondheet schueden. Also droen si jo och eng Responsabilitéit

duerfir. Et brauch een jo och nëmmen am Rapport d'activités vum Environnement ze bliederen, da gesäit een datt et guer net esou roseg an der Stad hei fir eis ausgesäit a mir wësse jo och datt et verschidden Etudë ginn déi nach net veröffentlecht gi sinn.

Nodeem datt d'Awunner vun der Escher- an der Gaasperecherstrooss eis kontaktéiert hunn, hu mir 2004 e Bréif un d'Gemeng gemaach wéinst engem Projet op der Nr. 101, Gaasperecherstrooss. Do krute mir elo matgedeelt datt de Propriétaire autoriséiert ginn ass fir säin Haus a 5 Studioën ëmzetransforméieren, dëse Bréif houng am Raider.

An der Affaire Coditel hu mir 2 Doléancen un de Ministère de l'Economie geschéckt an do krute mir als Äntwert dass eng Procédure am Lafen ass. Si halen eis au courant wann et ëppes neits get. Mir hunn och an der Gemeng gefrot fir eis an der Saach ze ënnerstëtzen.

Op Ufro vu Leit aus dem Millewee hu mir bei der Police interveneiert, well op engem Privatterrain an der Rue d'Alsace, deen awer elo geraumt ginn ass, sech allerlee nuets ofgespillt huet, dat goung iwwer Prostitutioun, Drogegeschäfter asw. D'Leit waren emol an hire Gärt déi do laanscht d'Eisebunn leien net méi sécher.

Aus der Sauerwiss krute mir Réclamatiounen, well haaptsächlech nuets, sonndes an d'Feierdeeg vill Kaméidi op der Eisebunn war, dat ass bei den CFL nogekuckt ginn an elo schéint et nees roueg ze sinn.

Mir hu gefrot fir de Container, deen an der Rossinistrooss vis-à-vis vun der Schoul steet, an d'Leit behënnert sécher aus hirem Garage ze fueren op eng aner Plaz ze setzen, dat ass och geschidd, mat der Info dat hätt den IVG gefuerdert, an e puer Deeg drop stoung en erëm op der Plaz ewou e virdru war an dat ouni den IVG ze informéieren, also do kann een nëmmen soen, datt den Amtsschimmel wiehert.....

Da kruten mir Réclamatiounen, well d'Policerèglement net respektéiert get, d'Leit loossen hir Muppen ouni Léngt lafen, am engleschen Gaard get Vandalismus gedriwwen asw., och dat alles hu mir un d'Gemeng viruginn.

Den IVG huet bei de verschiddene Parteien nach kritiséiert datt d'Rapportë vun de Sitzungen esou spéit erauskommen, ausserdeem hu mir d'Publicatioun vun de Rapportë vun de Commissioune gefrot esou ewéi déi komplett Publicatioun vum Ordre du jour vum Schäfferot.

Mir begréissen Dialogfreedegkeet vum Schäfferot an dat hien de Bierger Densdesmuerges empfängt, mir hun domat keen Problem, mä mir gifen et begréissen wann d'Syndicater gifen iwert déi Problemer déi den ganzen Quartier ugin en featback krieten, soss am aaneren Fall froen mir eis wat den rôle vum Syndicat nach ass, wëll dann sollen jo och nach déi Stadtteilbeiräte an d'Liewen geruff gin, an vun deenen kënnen mir jo hei zu Gaasperech e Liddchen sangen..Op jiddenfalls an Daitschland an an der Schwaiz gin et esou Stadtteilbeiräte, mä dat sin Leit déi gin gewielt an déi hun och en Matbestëmmungsrecht – informatiounen dodriwer fand dir um Internet wann dir am Google "Stadtteilbeirat" erangit. Ech wëll och hei nach eng Richtegstellung machen wat déi réunion zu Zéisseng ugeet, ewou ech leider nët konnt Deel huelen : do krut den IVG reprochen gemach, dat nëmmen Leit aus dem Syndicat am Stadtteilbeirat vertrueden waren, dat stëmmt nët well ech kann mat rouegem

Gewëssen soen dat ech deemols nach nët Member war am Syndicat, dat d'Elterenvereenegung just ereischt gegrënnt gin ass an dat den Geschäftsverband nach haut nët fonctionnéiert...

Dann kommen ech zu eisen Verainer :Mir haten e RV mat dem Sportschäffen um Terrain vum Hondsclub an der Gluckstrooss, do hunn elo no engem Joer d'Aarbechten ugefaangen; dat heescht e baufällege Schapp deen der Gemeng gehéiert ofrappen an eng nei Léisung sichen, d'Beem déi krank sinn ewech maachen an nei Planzen esou wéi d'Weeër um Terrain frësch makadamiséieren.

Fir den FC Tricolore hu mir eis agesat datt hien e ganzen Terrain soll kréien an datt verschidden Entretiensaarbechte gemaach solle ginn.

Sou, dat wär et fir mäin Deel. Ech soen Iech Merci fir datt Dir mir esou laang nogelauschtert hutt a ginn dem Sonja Adam an duerno dem Daniel Reding d'Wuert fir eis déi verschidden Explicatiounen ze ginn.

Jacquie Lakaff